Name: ________________ Datum: __________________

| Musik<br>Cycle 3 | Atelier „Hip Hop“:<br>Nonnewisen-Rap |
|---|---|

Musik: Beginner „Es war einmal“
Text: Patrick Miller

Tjo, d’Geschicht geet, et war emol
Vill Wisen, e grousse Bagger an eng Visioun
2011 ass et gaange lass
Nonnewisen-Schoul, hei ass ëmmer eng lass

De Bic an der Hand si mär ëmmer um schreiwen
Yo! Muss dat da wierklech esou bleiwen
D’Schoul ass nei an eis Coursen si flott
Just d’Hausaufgabe fanne mär mega schrott
An eiser Schwemm hu mär de Beemche getraff
E Mann ewéi e Schaf, do ware mär all baff
Ma d’Chimie huet gestëmmt, dofir fille mär eis wuel
Mär kommen aus dem Süden an do schreiwe mär mat Kuel
Flott Gedichter an Texter mat Sënn
An an der Klass hu mär ganz vill Frënn
Brauche awer eng Charta an en de se reimt
Dat hu mär och elo an dat ass net geschleimt

*Där sidd derbäi wéi d’Nonnewisen*
*Gudden Hip Hop zelebréieren*
***Respekt** grouss schreiwen*
*An och **motivéiert** bleiwen*
*Well all Kand aus dem Quartier*
*Huet hei **Spaass** fir zwee*
*Mär **vertrauen** eis och blann*
*Jiddereen **hëlleft** wou e kann*

Jo genau, Décken, deemools, wéi d’Schoul ass opgaangen
Hunn eis d’Joffere mat hirem Charme gefaangen
Déi éischt Joren mat vill Aarbecht verbonnen, ah
Eh, an dofir d’Faulheet och un de Nol gehaangen
An eis Schoulmeeschter hunn eis begeeschtert
Duerch Enthusiasmus, et si keng Geeschter
Well bei eis gëtt et keen Haass
Mär laachen vill ze vill an eis Boxe ginn zoppnaass
A mär wandere vu Klassesall zu Klassesall
Well geléiert a geschwat gëtt bei eis iwwerall
D’Gestreits gëtt manner an d’Manéiere besser
Ech super, echt, Mamm, ech wëll léieren
An dofir rappe mär e puer Stonnen

Name: _______________ Datum: _________________

Weider an der Schoul, mat den Aen verbonnen
Keng Gewalt déi mär wëlle gesinn
Wann där dat wëllt, kommt léiwer net heihin

*Där sidd derbäi wéi d'Nonnewisen*
*Gudden Hip Hop zelebréieren*
***Respekt** grouss schreiwen*
*An och **motivéiert** bleiwen*
*Well all Kand aus dem Quartier*
*Huet hei **Spaass** fir zwee*
*Mär **vertrauen** eis och blann*
*Jiddereen **hëlleft** wou e kann*

Jo, ech soen, vum Dommheetemaache kee Plang hunn
Dat ass d'Wourecht a guer net gelunn
Esch, Lëtzebuerg, einfach multikulturell
Zesumme wunnen a léieren, hei ass dat reell
Ze vill Gestreits, mär wëlle nees Respekt
Schnell maache mär Rassismus mat eise Wierder freckt
Well op der ganzer Welt gëtt et dees ze vill momentan
Mä kee Problem, mär verbrennen den an der Pan
A mär si mattendran mat eisem Charta-Rap
A bass du do dergéint, da vive mat där an d'Bett
Keng Gewalt, mär setzen op Toleranz
Dofir komm bei eis, beweeg de Kickes an danz
A well lo rauskënnt, Ale wat hei lass ass
RTL, youtube, Prominenz en Masse
Kee Bock, agëengt ze sinn
Dofir hu mär chartatechnesch och genuch ze dinn

*Där sidd derbäi wéi d'Nonnewisen*
*Gudden Hip Hop zelebréieren*
***Respekt** grouss schreiwen*
*An och **motivéiert** bleiwen*
*Well all Kand aus dem Quartier*
*Huet hei **Spaass** fir zwee*
*Mär **vertrauen** eis och blann*
*Jiddereen **hëlleft** wou e kann*